

Groupe parlementaire

Lëtzebuerg, den 11. November 2021

## MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt:

- d'Käschte fir ze hëtzen a fir ze tanken säit dem 1. Januar 2021 staark geklomme sinn;
- d'Steiere bei dësem Präisustig eng wesentlech Roll spillen, och déi op den 1. Januar 2021 agefouert Zäregasteier;
- dës Steuerbelaaschtung besonnesch déi Leit, déi um Land wunnen iwwerproportional belaascht;

ass sech bewosst:

- datt eng Erhéijung vun der Zäregasteier op den 1. Januar 2022 geplangt ass, déi zu enger weiderer Erhéijung vun de Präisser fir ze tanken an ze hëtze wäert féieren;

fuerdert d'Regierung op, datt

- déi fir den 1. Januar 2022 geplangte Progressioun vun der Zäregasteier vun 20 op 25 Euro pro Tonn CO<sub>2</sub> fir den Zäitraum vun engem Joer ersatzlos auszesetzen.